**Le rôle des hommes dans la promotion de l'égalité entre femmes et hommes**

**23 octobre 2006**

**Allocution de Madame Marie-Josée Jacobs**

**Ministre de l'Egalité des Chances**

*Seul le discours prononcé fait foi*

Dir Dammen an dir Hären, léif Gäscht,

Et ass fir mech eng grouss Freed, dës Konferenz opzemaachen. Ech begréissen besonnesch déi international Experten hei zu Lëtzebuerg, déi bereed sinn, hir Erfahrungen a Kenntnisser an eis Diskussioun iwwer d'Roll vun de Männer an der Gläichstellung zwësche Fraen a Männer anzebréngen.

Bis virun net allzelaanger Zäit hu Mann a Fra zwee verschidde Polen an der Gesellschaft durgestallt. Hinne goufe bestemmte klassesch Rollen opgeluecht. D'Fraen hun sech ëm d'Kanner an ëm de Stot bekëmmert an d'Männer hun d'Roll vum Ernährer gespillt.

Zënter de 60er Joren huet eis Gesellschaft awer eng grondlegend Wandlung matgemaach, a si huet sech lues a lues a Richtung Gläichberechtegung bewegt. D'Gesellschaft huet eng vill méi komplex Struktur ugeholl. D'Verhältnisser zwëschen de Geschlechter hu sech verännert an och d'Gesetzgebung huet de Changement an der Relatioun zwësche Fra a Mann begleed.

Allerdéngs ass d'de facto Gläichstellung zwësche Fra a Mann nach ëmmer net erreecht. Och haut gin d'Fraen an den alldeeglechen Messagen an de Medien oft nach no Stereotypen duergestallt an déi nei Gesellschaftsstrukturen a Relatioune zwëschen de Geschlechter gin net reflektéiert. Bis viru kurzem huet souguer nach jideree geduecht, d'Gläichberechtigungspolitik hätt just eppes mat Fraen ze doen.

Spéitstens zënter der Weltfraekonferenz vun 1995 zu Peking ass kloer ginn, datt d'Roll vun de Männer e wichtegt Element ass an der Gläichheetspolitik zwësche Fraen a Männer. Peking huet ausserdeem den Akzent geluecht op Informatiouns- a Sensibiliséierungsstrategien, déi un de festgefuerenen an traditionnellen Verhalenmusteren schaffen, an ee méi ausgeglachent Bild vun der Frau duerstellen an de Männer hir Verantwortung fir eng gerecht Gesellschaft fuerderen.

Och d'Europäesch Commission ënnersträicht an hirer Feuille de Route fir d'Gläichstellung vu Fraen a Männer d'Wichtegkeet vun der Roll vun de Männer. Si encouragéiert d'Männer an d'Pappen dozou, hir familiär Verantwortung ze iwwerhuelen a sech voll a ganz an d'Förderung vun der Gläichberechtegung ze engagéieren.

Gender-Politik bedeit, sech mat deenen zwee Geschlechter ze beschäftegen, sou datt se allenzwee hier Verantwortung an der Gesellschaft fir d'Gläichstellung vu Fraen a Männer iwwerhuelen.

D'Schwéierpunkte vun eisem europäesche Projet, *Le rôle de l'homme dans la promotion de l'égalité entre hommes et femmes*, dee mer mat der Ënnerstetzung vun der Commissioun an an der Zesummenaarbecht mat eisen ireschen a slovakesche Partner verwirklecht hun, leien doranner, rauszefannen, wéi d'Männer an d'Pappen zu der Gläichberechtigung bäidroen kënnen, zum Beispill an de Beräicher vun der Politik, der Erzéiung an der Wirtschaft.
Et geet drëms, de Wandel vun de Mentalitéiten weiderzeféiren an d'Stereotypen ofzebauen.
Mir wëllen awer och weisen, wéi wichtig a virdeelhaft et ass, esouwuel fir d'Gesellschaft, wéi fir Wirtschaft, dass dës stereotypesch Rolle vun de Männer an de Pappen geännert gët, besonnesch am Zesummenhang mat der Vereenbarkeet zwëschen Berufsliewen a Privatliewen. D'Männer si sech bewosst, datt och si e Rollekostüm hunn. Ass et net esou, dass d'Bild vum Papp als Ernährer a Geldverdénger en Auslafmodell ass ? Wëllen d'Pappe vun haut et net anschters maache wéi hier eege Pappen.  Allerdengs klaffen d'Idealer an d'Realitéit an eiser Gesellschaft ausereen. Vill ze oft kréien d'Pappen, déi sech Zäit fir hir Kanner huelen an an de Congé parental ginn, matleedeg Blécker a süffisant Bemierkungen vun hiere Kolleegen entgéintbruecht. Mee ass d'Erzéihung vun de Kanner net och wäertvoll a beräichernd fir d'Männer? Ech denken, datt d'Papperoll méi positiv erlieft muss ginn.

D'Männer brauchen net méi alleng fir déi finanziell Ofsécherung vun der Famill, der Partnerschaft verantwortlech ze sinn. Sie deele mat de Fraen d'Aarbecht am Beruf an doheem. Doniewend léiren d'Männer anescht ëmgoen mat Emotiounen, dat heescht aus hirer Carcasse vum gefillslose Mënsch rausklammen. D'Männer brauchen hier Stäerkt net méi mat Gewalt ze verteidegen.

D'Männer setzen sech fir gelieften Demokratie an, fir Gläichberechtung an de Schlësselpositiounen vun der Politik an der Wirtschaft, fir gläichberechtegt Partnerschaften am private Liewen, an droen sou aktiv zu enger neier Struktur an der Gesellschaft bäi. Sëcherlech hätt dat och Auswierkungen op d'Lounongläichheet, a géif d'Fäll vu Fraenhandel erofsetzen.

Ech well och ënnersträichen, datt mer onbedéngt en Dialog mussen opbauen, op nationalem an internationalem Niveau, zwëschen deene verschiddenen Akteuren, siew et d'Regierungen, d'politesch Parteien, d'Sozialpartner, d'Entreprisen a virun allem d'Medien, fir déi nei Dimensioun vun der Roll vun de Männer an alle Beräicher ze integréiren.

Haut den Owend gesid Dir wivill d'europäesch Zesummenaarbecht kann zu nationalen Diskussioune bäidroen.
Aus Irland begréisse mer den Här Peadar King – Wëssenschafler an Expert am Thema vun dem transnationale Projet. Seng Introduktioun zum Thema ass aussergewéinlech an deem Sënn, datt den Här King

- eischtens: d'Thema vun haut an engem breeden, weltwäiten Context beschreiwt
- zweetens: datt hien bekannten Wëssenschaftler hir Thésen virstellt, fir se dann a Fro ze stellen

- drëttens: datt hien d’Situatioun an Irland, sengem Heemechtsland, eisem Partnerland détailléiert beschreiwt
- véiertens: datt hien eis Ureegungen gët fir Table ronde.

Zwee weider iresch Experten aus Projeten mat Männer sinn op der Podiumsdiskussioun niewend engem Syndikalist aus der Slovakei an den zwee lëtzebuerger Vertrieder, dem Här Pregno vun der Fondatioun Kannerschlass an dem Här Bley als Vertrieder vum Patronat. Op der heideger Sessioun ginn, zesummen mat eisen Experten, eng ganz Rei grondsätzlech Froen iwwer d’Roll vun de Männer diskutéiert.

Mir hu Studie maache gelooss am Kader vum Projet: Déi éischt vun der Initiativ Liewensufank, iwwert d’Bedeelegung vun de Männer um Congé parental, um Familieliewen an um Haushalt. D’*Initiativ Liewensufank* (ILU) kuckt, ob d’Pappen déi un hirem Pappeprojet deelgeholl hun, eng aner Verantwortung an der Papperoll iwerhuelen an ob hir Relatioun zum Kand sech ännert. Déi zweet Studie, vun der Uni Lëtzebuerg analyséiert bestehend Studie vun der Uni op her Informatiounen iwwer d’Roll vun de Männer, an dat als Virbereedung op eng Etude iwwer d’Geschlechterrollen am Liewen an am Beruf vum Léierpersonal. Dës Etude ass den 1. Oktober ugelaf. Eng drëtt Studie besteet aus enger Analyse vun Artikelen aus lëtzebuergeschen, Ireschen a slovakeschen Zeitungen zum Thema D’Roll vun de Männer, an der Förderung vun der Gläichstellung vu Fraen a Männer. Mat der leschter Studie behalen ech mer d’Recht fir mat de Presseorganer a Kontakt ze trieden. Mir hu festgestallt, obschon d’Dageszeitungen ronderëm den 8. Mäerz analyséiert gi sinn, datt d’Roll vum Mann an der Entwécklung vun der Gläichstellung kaum duergestallt gëtt. Dëst souwuel an Irland, wéi an der Slovakei an zu Lëtzebuerg. Ech hoffen datt mer mat dëser punktueller Analyse an den dräi Länner Diskussiounen entfachen.
Muer um Seminär bidde mer zwee Atelieren un, en éischten iwwer d’Thema Erzéiung an een zweeten iwwer d’Wirtschaft. Dës Ateliere lafen parallell zuenaner. Zur Diskussioun stinn am 1. Atelier en europäesche Projet vun der Caritas „Men and care“ an den iresche Primärschoulprojet zu der Roll vun de Jongen. Am 2. Atelier gëtt de Programm vun den europäesche Sozialpartner discutéiert, dee gezilt op d’Gläichstellung vun de Fraen a Männer ausgeriicht ass. Hei sinn d’Entreprisen an d’Gewerkschafte gefuerdert.
Duerno steet eng Visite vun der Eltereschoul zu Zolwer a vun der Maison Relais zu Bascharage um Programm.

Ech hoffen, datt mer aus dëser Konferenz Schlussfolgerungen zéie kënnen, déi eis erméiglechen d’gesellschaftpolitesch Aarbecht weiderzeféiren an nei Aktiounen a Strategien auszeschafffen. Ech hoffen och, dass d’Zesummenaarbecht mat eisen europäesche Partner no der heideger Konferenz bestoe bleiwt. De Mehrwert vun esou engem Projet ass jo schliesslech de kontinuéierlechen Austausch vun Erfahrungen a vu Wëssen.

Ech wënschen Iech Alleguerten eng interessant Diskussioun, e konstruktiven Dialog a vill Inspiratioun fir d’Zukunft. Ech zielen och muer op är Präsenz.